1-2020-0-5-6224-01 (n°3402)

Dépôt : Jeff Engelen

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Interpellation au sujet du suicide

5

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- Suizidpräventiounskonzepter a -moossnamen och weiderhi ganz wichteg an ze fërdere sinn;
- datt d'Informatiounen iwwer bestoend Offeren an Ulafstellen an der Suizidpräventioun all Mënsch am Land erreeche muss an dëst och iwwer ënnerschiddlech Weeër an a méi reegelméissegen Ofstänn;

ass sech bewosst

- wéi wichteg déi mental Gesondheet fir d'gesamt Gesondheetsbild vum Mënsch ass;
- datt d'Leit sech nëmmen Hëllef froen, wa si sech an engem Ëmfeld spieren, an deem si net dofir jugéiert ginn;
- datt Visitte beim Psycholog a Psychotherapien, ville Leit hëllefe kënnen an awer nach ëmmer net vun der CNS iwwerholl ginn;
- datt den Iwwergang tëscht verschiddene Gesondheetsservicer - z.B. vun enger Hospitalisatioun an eng ambulant Behandlung - e sensibelen a wichtege Punkt ass, dee reiwungslos verlafe muss, fir eng Destabiliséierung ze verhënneren;
- datt Lëtzebuerg eng wierklech Ausernanersetzung a Studien zu Themefelder ronderëm de Suizid brauch, fir eng landesspezifesch an zilféierend Präventioun kënnen ze maachen;

**fuerdert d'Regierung op**

- flächendeckend Éischt-Hëllef-Coursë fir mental Gesondheet unzebidden, déi dann och d'ganzt Joer kënne besicht ginn an op Nofro och op ënnerschiddleche Plazen, wéi a Schoulen, Foyeren, Betriber, asw. kënne stattfannen;
- méi Plazen an enger Dagesklinik zur Verfügung ze stellen, fir ze verhënneren, datt en Hëllefsruff an engem ausgefouerte Suizid endegt;

- Selbsthëllefsgruppen ze ënnerstëtzen, andeems hinnen, iwwert eng professionell Tâche, eng erfuere Persoun zur Säit gestallt gëtt, un de Responsabel vum Grupp sech wende kann, wann professionell Hëllef a Rot gefrot sinn;
- méiglechst séier déi néideg gesetzlech Dispositiounen ze schafen, fir datt Psychotherapien a Visitte beim Psycholog esou selbstverständlech ewéi eng medezinesch Versuergung a Behandlung vun der CNS iwwerholl ginn;
- d'Infrastruktur fir déi klinesch-psychologesch a psychiatresch Versuergung auszebauen a personalméisseg ze vergréisseren, fir ze verhënneren, datt d'Prise en Charge vum Patient duerch laang Waardezäiten oder aner administrativ Opwänn u Qualitéit verléieren oder eng Destabiliséierung begënschtegen;
- ze ënnersichen, wou mir spezifesch zu Lëtzebuerg mussen usetzen an dofir zu Lëtzebuerg eng Ausernanersetzung a Studien zu Themefelder ronderëm de Suizid ze fërderen, fir esou eng landesspezifesch an zilféierend Präventioun kënnen ze maachen - dëst natierlech ëmmer ënner Berécksiichtegung vum Schutz vun der Privatsphär.

Jeff Engelen

**ADR – Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**